



Fédération Luxembourgeoise des Quilleurs a.s.b.l.

52, rue Pierre Hamer L- 4737 Pétange - Tel.: (+352) 40 12 12 - Fax: (+352) 40 26 24

E-Mail: flq@pt.lu - Website: www.flq.lu

Fondée en 1961 - Affilié au C.O.S.L. - Affilié à la F.I.Q.- WTBA - WNBA - EBFU - NBN

Petingen, den 18. November 2020

Betreff: Communiqué Weltmeeschterschaften 2022

Gudde Mëtteg,

gëschter koum di offiziell Confirmatioun vun der NBS, dem internationale Keelesportverband, dass d'Weltmeeschterschaften an der traditioneller Form vum Joer 2021 annulléiert ginn.

An der momentaner Situatioun ass et kaum denkbar, dass alleguerten Disziplinne kennen gespillt ginn an elo an dësem Moment gëtt an de meeschte Länner och keng Kompetitioun méi gespillt.

Am Joer 2022 sollen dann d'Weltmeeschterschaften am QT Zenter zu Péiteng stattfannen an dat viraussiichtlech vum 3.6.2022 - 12.6.2022.

Des Weltmeeschterschaften sollen dann eng Première sinn am Kader vun de Feierlechkeete vun hirem reportéierten Anniversaire. Eng Reform déi fir 2024 ugeduecht war, soll nämlech virgezu ginn an d'Weltmeeschterschaften géifen dann an engem neie Format stattfannen. Op den eenzelen Deeg géifen dann d'Eenzel-, d'Ekipp- an Tandemweltmeeschterschaften gespillt ginn an um Ofschlossweekend géifen dann d'Seniore viraussiichtlech an den nammlechten Disziplinen untrieden.

Dass des Reform géif di éischte Kéier zu Lëtzebuerg ëmgesat ginn, wou de Keelesport eng grouss Traditioun huet, ass fir de Verband eng immens grouss Éier. Op dem nächsten internationale Kongress sollen d'Weltmeeschterschaften virgestallt ginn an et kann elo schonns dovunner ausgoen, dass et e flott a grousst Keelenfest am Süde vum Land wäert ginn.

D'FLQ wäert Iech selbstverständlech zu den Entwécklungen um Lafenden halen.


ANDRÉ Sacha

(Präsident vun der TKS)

Heures d'ouverture du secrétariat :
Les lundis, mercredis et vendredis de 14.00 à 18.00 heures.
Les mardis et jeudis de 09.00 à 11.30 heures (facultatives)